LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1930 vum 12. Februar 2025 vun den honorabelen Deputéierten Här Mars Di Bartolomeo, Madamm Liz Braz a Madamm Claire Delcourt.**

*- Wäerten déi Forfaiten un déi vill Präishaussen, déi zënter 2018 stattfonnt hunn, ugepasst ginn? Wa jo, wéini sollen dës Upassunge kommen? Wann nee, firwat net ?*

Déi Forfaite goufe mam Gesetz vun 1999 agefouert a waren am exposé des motifs net als Revenu de remplacement geduecht. Den Artikel 354 seet an deem Sënn: «les prestations en nature pour les actes essentiels de la vie et pour les activités d'assistance à l'entretien du ménage fournies par l'aidant … peuvent être remplacées par une prestation en espèces.» An deem Sënn datt hei Saachleeschtungen ersat ginn, ass dës Geldleeschtung dann och weder e Salaire nach e Revenu de remplacement fir den Aidant, mee et ass eng Indemnitéit, déi de Beneficiaire vun der Fleegeversécherung ausbezuelt kritt, wann dëse Beneficiaire en Aidant huet. Et ass also eng Indemnitéit vun der Fleegeversécherung fir déi fleegebedierfteg Persoun déi hier Versuergung doheem organiséiert, a net fir den Aidant. Deementspriechend huet de Législateur och am Artikel 354 weider virgesinn datt op dëser Indemnitéit weder charges sociales nach fiscales opzehiewe sinn. D'Gesetz gesäit och net vir datt des Indemnitéit am Laf vun der Zäit ugepasst gëtt.

*- A verschiddene Härtefall huet den Aidant seng professionell Aktivitéit opginn, fir ee Familljemember vollzäiteg ze versuergen a verléiert domat säi Revenu a seng jeeweileg Cotisatioune fir d'Pensioun. Lafen Iwwerleeunge säitens der Regierung fir dësen Aidant ze entschiedegen an him esou ee substanziellen Ausfall vu sengem Revenu ze kompenséieren, ausserhalb vun de besteeënde Reegelungen ?*

Fir den Aidant, dee nach net pensionéiert ass, kann d'Fleegeversécherung Cotisatiounen an d'Pensionskeess (berechent op de soziale Mindestloun vum onqualifizéierten Salarié) abezuelen, fir esou engem kompletten Ausfall zum Deel entgéint ze wierken.

Déi grouss Majoritéit vun de Bénéficiaire vun der Fleegeversécherung, déi doheem versuergt ginn, profitéiere vun der Ënnerstëtzung vun engem Fleegedéngscht. Den Undeel vun deenen, déi combinéiert Leeschtungen an Usproch huelen (d.h. déi esou wuel en Aidant hunn, wéi e Fleegedéngscht) läit bei 61,3%. Den Undeel vun deenen, déi exklusiv Leeschtungen duerch e Fleegedéngscht kréien, läit bei 31,7%. D'Tendenz weist, datt den Undeel vun enger exklusiver Geldleeschtung (d.h. wou eleng en Aidant intervenéiert) erof geet (vun 10.8% am Joer 2021 op 7% am Joer 2023)[1].

[1] Rapport général sur la sécurité sociale 2024, Säit 153, https://igss.gouvernement.lu/fr/publications/rg/2024.html

*Kann d'Ministesch Zuele virleeën, déi weisen, wei vill Aidant zu Lëtzebuerg am aktiven Alter hir professionell Aktivitéit opginn, respektiv reduzéiert hunn, fir sech enger Persoun unzehuelen, déi op 20 Stonne pro Woch a méi effektiv Hëllef ugewisen ass ?*

D'AEC hält a senger Evaluatioun net fest wéi vill Aidant'en hier Aarbecht opginn hunn respektiv reduzéiert hunn. Allerdéngs ginn d'Donnéeën iwwert d'Tätegkeet vun der Fleegepersoun wärend der Evaluatioun vun der fleegebedierfteger Persoun vum Mataarbechter vun der AEC festgehalen.

Laut dem leschte Rapport d'activité vun der AEC[2], waren am Joer 2023 45,4% vun de Fleegepersounen pensionéiert, 35,8% beruffstäteg an 18,2% net beruffstäteg. Dës Pourcentage bezéien sech op d'Unzuel vun den « Synthèses de prise en charge », déi am Joer 2023 vun der AEC un d'CNS transferéiert goufe mat der Identifikatioun vun enger Fleegepersoun. Am Joer 2023 war d'Unzuel vun den Identifikatiounen vun enger Fleegepersoun 3.218.

Eng grouss Majoritéit vun de Fleegepersounen intervenéiert bei fleegebedierftege Persounen, déi en Niveau de dépendance 1 bis 3 hunn (67,8 %), dat heescht, wou de Fleegebedarf tëschent 210 an 630 Minutte pro Woch läit. De Pourcentage vun de Fleegepersounen, déi sech em e Fleegebedierftege këmmeren, deen en Niveau de dépendance tëschent 8 a 15 huet (d.h. e Fleegebedarf vu méi wéi 1.191 Minutte pro Woch oder méi wéi 19.85 Stonnen), läit bei 9%.

*- Kann d'Ministesch sech virstellen, am Hibléck op d'Evolutioun vun eiser Populatioun, an am Sënn vun der Valorisatioun vum Maintien à domicile vun enger fleegeofhängeger Persoun, d'Fonctioun vun engem Aidant proche als eng vollwäerteg Aktivitéit ze consideréieren an och deementspriechend ze revaloriséieren ?*

Den Accord de coalition gesäit vir datt d'Prise en charge vu Senioren, déi an engem familiären Ëmfeld versuergt ginn, weider ënnerstëtzt soll ginn. D'Valorisatioun an d'Ennerstëtzung vun der Fleegpersoun musse ganzheetlech an esou enger Approche mat betruecht ginn.

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez

[2] Rapport d'activité de l'AEC 2023 ; Sait 44 & 48,
https://aec.gouvernement.lu/fr/publications.gouv2024_aec+fr+publications+rapport-activite+rapportactivite2023.html